






# Regulus Junior-Club

## Programm

## Oktober – Dezember 2025




**Regulus Junior-Club**
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
jugend@naturemwelt.lu
**www.naturemwelt.lu**


natur&ëmwelt a.s.b.l.

Samschdes, de 4. a Sonndes, de 5. Oktober 2025

# D'Rees an de Süden

EuroBirdwatch25

Heimat bass du an deng Famill invitéiert fir bei den interessante Vullebeobachtunge matzemaachen. De Programm vum Birdwatchday kanns du op der nächster Säit noliesen !


BirdLife
EuroBirdwatch25



# D'Rees an de Süden

## Zuchvulle beobachten a bestëmmen

De 4. a 5. Oktober bitt natur&ëmwelt erëm d'Méiglechkeet d'Zuchvullen op hirer Rees an de Süden ze beobachten. Ganz besonnesch d'Fiichtgebidder eegnen sech dozou, well d'Vullen sech do fir eng kuerz Zäit nidderloosse fir ze friessen an esou hir Fettreserven opzebauen. En Team vun Ornithologe féiert duerch d'Gebidder an demonstréiert d'Beréngung vun de Vullen (zu Remerschen an Iwwersyren). Eng Spektiv a deck Schong sinn erwënscht.





## <u>Programm</u>

### Samschdes, de 04.10.2025

**Visitt vum natura 2000 Gebitt Schlammwiss zu Iwwersyren um 09.00 Auer**

Féierung duerch d'Naturschutzgebitt a Besuch vun der Vulleberéngungs-statioun Schlammwiss.
Treffpunkt: Mënsbech, Parking Fußballsterrain
Obligatoresch Umeldung: 621 29 36 95 oder schlammwiss@gmail.com

### Sonndes, de 05.10.2025

**Biodiversum / Remerschen vun 10.00 bis 17.00 Auer**

Vulleberéngung, Informatiounen zu Natur- a Vulleschutz, Konscht, Aktivitéite fir Kanner a villes méi erwaart iech am Biodiversum zu Remerschen.
Weider Infoe op www.naturemweltasbl.lu/de/event/euro-birdwatch-2025-biodiversum/

**Waasservullen op de Weiler Weieren um 09.00 Auer**

Hei ginn d'Waasservulle beobacht, déi op de Weiere Rascht maachen.
Obligatoresch Umeldung: 621 65 04 70 oder comite@naturemwelt-nordstad.lu

Samschdes, den 11. Oktober 2025

# Äppel plécken am Bongert



Matt den Äppel aus dem Bongert Altenhoven gëtt Viz gemaach. Op der Plaz kann een den Äppelviz zu engem méi gënschtege Präis bestellen.
Jiddereen, Grouss a Kleng, ass invitéiert eng Hand mat unzepaken, esou wéi et him zäitlech passt.
**Et kann een sech och gratis e Kuerf Äppel oder Bire plécken!**
Et gëtt och Viz gepresst fir direkt ze schmaachen!
Dir sidd also häerzlech invitéiert mat ärer ganzer Famill laanscht ze kommen!

**Auerzäit:**
10.00-15.00 Auer

**Treffpunkt:**
Bongert Altenhoven

**Opgepasst!**
Well beim Bongert e Chantier ass, muss dir vum Fussballsterrain an der route de Mondorf erop kommen.

Samschdes, de 25. Oktober 2025

# Faarwen aus der Natur

Mir probéieren aus verschidde Planze Faarfstoffer ze kréien!! Matt deene Faarwe kenne mir dann experimentéieren an e stoffenen Kuerf bemolen.

**Auerzäit:**
09.30-12.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*





**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 10 €



Samschdes, de 15. November 2025




# Geflatters a Geflüsters

E Flilleksschlag an e Schiet, deen duerch déi schummereg Owesluucht huscht, dat ass bestëmmt eng Fliedermaus. Fliedermais si wierklech aussergewéinlech: et sinn déi eenzeg Mamendéieren, déi fléie kënnen an entgéint hirem deels schlechte Ruff erweisen si ons wichteg a wäertvoll Déngschter. Deen Dag entdecke mir d'Wourecht iwwer dës faszinéierend Kreaturen, iwwerleeën eis zesumme mat de *Rotondes* eng Geschicht dozou a bauen eng Naschtkëscht fir d'Fliedermais.
Fir lessen a Gedrénks ass gesuergt!



**Auerzäit:**
10.00-16.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*



**Alter:**
8 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 40 €

Samschdes, den 22. a Sonndes den 23. November 2025

# Science Festival

Kommt op de Science Festival a loosst iech vu flotte Workshops ronderëm Wëssenschaft an Technologie iwwerraschen. Hei ass ausdrécklech erwënscht, dass dir iech aktiv bedeelegt!
natur&ëmwelt / Regulus Junior-Club ass och do mat engem Atelier: Maggy Holmes

**Auerzäiten:**
10.00-18.00 Auer




**Treffpunkt:**
Gronn
*naturmusée*

Samschdes, den 29. November 2025



# Ho – ho – ho

## Chrëschtdag ass gläich do!

Eise Klassiker!! Déi wanterlech Natur gëtt engem vill Materialie fir eng flott Deko fir d'Enn vum Joer ze bastelen.
D'Feierdeeg ganz natierlech a nohalteg.
Bei Glühjus a flotter Musek werkelen a bastele mir.



**Auerzäit:**
09.30-12.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*



**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 10 €


## Dënschdes, den 9. Dezember 2025

# Lëschteg Adventsbäckerei

Wëllkomm an der lëschtegster Adventsbäckerei säit et Kichelcher gëtt! Mir bake Schneekeges fir d'Wanterzäit! Pünktlech fir d'Adventszäit bake mir Kichelcher a maachen nach aner gutt Saachen aus gesonde Vollwäertprodukter.

**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*





**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 10 €

Samschdes, den 13. Dezember 2025

# D'Beien – eis kleng Helden

Kommt a fannt eraus wat een alles mat Produit'e vun de Beie maache kann. Rullen! Géissen! Zappen! Aus Beiewues maache mir vill flott verschidde Käerzen. Mat Hunneg vun de Beie maache mir eis lecker Müslistangen an nach villes méi ........





**Auerzäit:**
09.30-12.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*



**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 8 €

Numm: ______________________________________________

Numm (Mamm) ________________________________________________

Numm (Papp) ________________________________________________

Adress: ______________________________________________

Uertschaft: ______________________________________________

Gebuertsdatum: _______________ Telefon: _________________________

GSM (Mamm): __________________ GSM (Papp): _________________

Mail: _______________________________________________

mellt sech un fir: (ukräize w.e.g. a mailen oder zeréckschécken un de Regulus Junior-Club)

O Farwen aus der Natur
25.10.2025

O Geflatters a Geflüsters
15.11.2025

O Ho – ho - ho
Chrëschtdag ass gläich do!
29.11.2025

O Lëschteg Adventsbäckerei
09.12.2025

O D'Beien – eis kleng Helden
13.12.2025

Fir d'Aktivitéiten, wou mir deng Participatioun zeréckbehalen hunn, kriss du eng Bestätegung per Flyer!

---

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu